



N° 4282
Reçue le 14.05.2021
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 17.05.2021

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 14/05/2021

Här President,

Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Gesondheet weiderzeleeden.

An menger parlamentarescher Fro n°895 hat ech den deemolege Gesondheitsminister op eng Rupture de Stock vu medezineschem Cannabis opmierksam gemaach. Deemools gouf wéinst dem Manktem u Cannabis entscheet fir kengen néie Patienten ee Cannabis-Traitement ze verschreiwen.

De Minister huet deemools annoncéiert:

"Zënter Februar a bis den 30. Juni [2019], kruten 270 Patienten eng éischt Behandlung mat medezineschem Cannabis.

Et ginn Alternativen zu medezineschem Cannabis. Fir jiddereng vun den dräi Indikatiounen kann den Dokter op eng ganz Rei vun Medikamenter zréckgräifen, déi sech ebenfalls als wierksam avéréiert hunn.

Fir Liwwerenkpass ze evitéieren gëtt momentan duerch en Appel d'offre en Fournisseur fir den Rescht vun der Piiothphase(31. Dezember 2020) festgeluecht. An deem Kader ginn reegelméisseg Liwwerungen virgesinn fir den Approvisionnement ze garantéieren."

An deem Zesammenhang wéilt ech der Ministesch dës Froe stellen:

1. Si momentan déi dräi Zorte vu medezineschem Cannabis zu Lëtzebuerg accessibel oder gëtt et Enkpass?
Falls mir eis an enger Situatioun vu Rupture de stock befannen, wat sinn d'Grënn?
2. Wéivill Enkpass sinn et säit August 2018 scho ginn a wéi laang hunn se jeweils gedauert?
3. Fir wéini ass déi nächst Liwwerung geplangt?
4. Ass d'Ministesch der Meenung, dass Medikamenter eng gutt Alternativ zum medezinesche Cannabis sinn, esou wéi hire Virgänger dëst a senger Äntwert erkläert huet? Zu wat fir gesondheetleche Réckschlei kann et bei de Betreffene kommen, wann si hiren Traitement mussen ënnerbriechen an op Medikamenter auswäichen?



www.piraten.lu

Mat déiwem Respekt,



CLEMENT Sven
Député



www.piraten.lu



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé

Monsieur le Ministre
aux Relations avec le Parlement
Service central de législation
5, rue Plaetis
L-2338 Luxembourg

Luxembourg, le 21 juin 2021


Réf. : 838xe8076

Concerne: Question parlementaire n°4282 du 14 mai 2021 de Monsieur le Député Sven Clement

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous faire parvenir en annexe la réponse de la soussignée à la question parlementaire n°4282 du 14 mai 2021 de Monsieur le Député Sven Clement concernant « Rupture de stock du cannabis médical ».

Veillez agréer, Monsieur le Ministre, l'assurance de ma considération très distinguée.



Paulette LENERT
Ministre de la Santé



Réponse de Madame la Ministre de la Santé à la question parlementaire n°4282 du 14 mai 2021 de Monsieur le Député Sven Clement concernant « Rupture de stock du cannabis médical ».

Si momentan déi dräi Zorte vu medezineschem Cannabis zu Lëtzebuerg accessibel oder gëtt et Enkpäss? Falls mir eis an enger Situatioun vu Rupture de stock befannen, wat sinn d'Grënn?

Aktuell leie bei den dräi Zorte vu medezineschem Cannabis Enkpäss vir. Déi am Hierscht 2020 bestallte Liwwerung, déi d'Vebraucherprognose bis Enn Abrëll sollt ofdecken, huet et net erlaabt den Héichpunkt vun der Consommatioun, dee säit November 2020 ze observéieren ass, ofzedecken.

Fir e Liwwerenkpass ze verhënneren, gouf Enn 2020 eng nei Ausschreiwung publizéiert fir nei Liwweranten ze fannen. Ënnert den agetraffenen Offere waren der e puer net zoulässeg a vun deenen zoulässegen Offeren huet keng mat de Critère vum Cahier des charges iwwerteneegestëmmt.

Doropshi gouf eng nei Offer ausgeschriwwen, déi zur Zäit awer nach ausgewäert gëtt. D'Méiglechkeet fir Produiten ausserhalb vun den Ausschreiwungen ze bestelle sinn a Bezuch op de Budget an d'Disponibilitéit begrenzt.

Wéivill Enkpäss sinn et säit August 2018 scho ginn a wéi laang hunn se jeweils gedauert?

Et ass ervirzehiewen, dass d'Produite fir d'éischt an de Spidolsapdikte gelagert ginn.

Wann et en Enkpäss beim Liwwerant gëtt, heescht dat net automatesch, dass dësen och bei de Spidolsapdikte besteet. D'Spideeler hunn an dësem Fall nach Virréit. Et aus ausserdeem ervirzehiewen, dass no den Ausschreiwungen 2019 den urspréngleche Liwwerant (Aurora) duerch Canopy Growth-Spectrum Pharmaceuticals ersat gouf.

Heiranner d'Oplëschung vun der Unzuel an der Dauer un Enkpäss je no Liwwerant an Zort vu Produit :

- **Dominanten CBD Produit** : 1 Enkpäss säit dem 25.02.2021 an der Attente vum Resultat vun den Ausschreiwungen

- **Dominanten THC Produit** : 2 Enkpäss am Joer 2019 : 10 Deeg an dono 40 Deeg während dem Wiessel vum Liwwerant. 3 Enkpäss am Joer 2020 : 20 Deeg, 60 Deeg an 20 Deeg.

1 Enkpäss am Joer 2021 : säit dem 04/03/2021 an der Attente vum Resultat vun den Ausschreiwungen

- **Équilibréierten THC an CBD Produit** : 3 Enkpäss am Joer 2019 (10 Deeg, 20 Deeg a 15 Deeg) ; 1 Enkpäss am Joer 2021. Säit Mäerz 2021 an der Attente vum Resultat vun den Ausschreiwungen

Fir wéini ass déi nächst Liwwerung geplanzt?

Déi agetraffenen Offere ginn zur Zäit nach ausgewäert, sou dass momentan nach keng Äntwert op dës Fro méiglech ass.

Ass d 'Ministesch der Meenung, dass Medikamenter eng gutt Alternativ zum medezinesche Cannabis sinn, esou wéi hire Virgänger dëst a senger Äntwert erkläert huet? Zu wat fir gesondheetleche Réckschléi kann et bei de Betreffene kommen, wann si hiren Traitement mussen ënnerbriechen an op Medikamenter auswäichen?

De medezinesche Cannabis, deen am Kader vum 2019 lancéierte Programm zur Verfügung gestallt gëtt, ergänzt den therapeutische Beräich deen an dräi medezineschen Indikatioune verfügbar ass.

Soumat ass de medezinesche Cannabis eng Alternativ zu de Medikamenter déi et schonn um Marché ginn, besonnesch wann dës Medikamenter net wierksam sinn oder/a schlecht vum Patient verdroe ginn.